ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Eng Rei vun EU-Memberlänner plangen, de Medien no, hir national CO2-Steiere bis 2030 op 100 bis 120 Euro pro Tonn ze erhéijen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi héich gesäit déi Lëtzebuerger Regierung den CO2 Präis pro Tonn hei am Land am Joer 2030 wa si déi national Reduktiounsziler wëll erreechen? A wéi engem Joresrhythmus an a wéi enger Gréissenuerdnung soll den CO2 Präis pro Tonn erhéigt ginn?
2) Wéi eng Präisinzidenz hätten déi Erhéigungen op d'Verkaafspräiser un den Endclient beim Diesel, Bensin (95er an 98er) a beim Mazout, wann ee viraussetzt, datt sech soss am Vergläich zu haut näicht bei de Präisser géing änneren (toutes choses restant égales par ailleurs)? Kéint dat tabellaresch opgestallt ginn: Kalennerjoer a Verkaafspräis pro Liter vun dene verschiddene fossile Brennstoffer?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten